

nitiv ofgerechent ginn, an da kee weess wat dann elo esou e Projet definitiv kascht huet, an dëst dann och deenen zoustännegen Instanzen net virgeluecht gëtt. Dorop huet de Steierzueler awer ganz einfach e Recht. An et ass net an der Rei, dass Dossieren esou laang leie gelooss ginn, bis dass jiddferee seet: Et huet jo dach kee Wäert elo nach en Décompte virzeleeën.

D'Fallbeispill ass de Sanatorium vu Veianen, deen 1977 genehmegt ginn ass. Dat dierft net sinn. Do musse mer an d'Zäitalter vun enger applizéierter Comptabilité analytique, déi vläicht net jiddferengem passt, well se méi eng grouss Rigueur verlaangt. Do musse mer also ganz einfach méi Transparenz un den Dag leeën. An et ass dës Transparenz, déi mer alleguerte wëllen, a wou-runner mer och wäerte gemooss ginn. Dëst ass am Endeffekt och am Intérêt vun de concernéierten Akteuren, well se esou selwer geschützt ginn a sinn.

Domat ginn ech trotzdeem den Accord vu menger Fraktioun zu de Konte vun 2004 a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Et ass kee Riedner méi ageschriwwen. Wann d'Regierung wëllt, kritt se d'Wuert. Wann dat net de Fall ass, da kënnst mer zum Vote vun dësem Projet kommen.

Ech weess emol guer net wéi dat geet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote geet un. Déi, déi d'Konten unhuelen, stëmme mat Jo, déi sech enthalte mat Abstention, an déi dergéint si mat Neen.

De Gesetzestext 5488 ass ugehall mat 53 Jo-Stëmmen, bei 4 Abstentionen a kenger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Romain Schneider), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

M. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

M. Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepf;

M. Aly Jaerling.

D'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Déi ass och ginn.

Da komme mer zum nächste Punkt. Dat ass d'Proposition de loi portant révision des paragraphes (1), (3), (4), (5) et (6), alinéa 1^{er} de l'article 11 de la Constitution, an zweetens, Création d'un article 11bis nouveau de la Constitution. Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. De Rapporteur huet deementspreechend zéng Minutten. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honora-

belen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.



3. 3923C - Proposition de loi portant 1. révision des paragraphes (1), (3), (4), (5) et (6), alinéa 1^{er} de l'article 11 de la Constitution; 2. création d'un article 11bis nouveau de la Constitution

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

» **M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Chamber haut dem Virschlag vun der Verfassungskommissioun follegt an den Text vun deenen neien Artikelen 11 an 11bis vun der Verfassung unhëlt, da kann no och méi wéi zwielef Joer deen Dossier virleefeg zougemaach ginn.

All Parteien an och de Statsrot ware sech eens, dass den Artikel 11 misst ëmgeännert ginn. Et gouf een allgemenge Consensus fir d'Streikrecht, d'Bekämpfung vun der Aarmut...

(Interruption)

...an déi sozial Integratioun vun de behënnernte Matbierger an d'Verfassung anzeschreiwen. Och déi konstitutionell Bestëmmungen iwwert den Naturschutz an den Déiereschutz waren als Prinzip net a Fro gestallt.

D'Problemer, mat deenen d'Verfassungskommissioun sech ze befaassen hat, louchen éischter op de juristesche Formulatiounen. De Statsrot huet a sengen ausféierlechen a gutt motivéierten Avisen haapt-sächlech dräi Suergen zum Ausdrock bruecht:

Éischtens, de Statsrot huet ëmmer erëm drop higewisen, dass d'Texter vun der Verfassung kloer a verständlech misste sinn. An de Statsrot huet och drop higewisen, et sollt net virkommen, dass d'Verfassungsgericht Texter aus der Verfassung selwer misst preziséieren.

Zweetens, de Statsrot huet dovir gewarnt, an der Verfassung dem Stat Verantwortung an Aufgaben opzëerleeën, déi de Stat net erfëlle kann. An anere Wieder: D'Verfassung soll fir de Stat keng Obligation de résultat virgesinn, déi de Stat net garantéiere kann. Dat zielt ënner anerem fir d'Recht op Aarbecht, fir den Naturschutz an och fir den Déiereschutz.

Drëttens, de Statsrot, awer och d'Verfassungskommissioun sinn der Meenung, dass an eiser Lëtzebuerger Verfassung eng méi kloer Trennung gemaach soll ginn tëschent engersäits den individuelle Rechter a Fräiheeten an anerersäits deene sougenannte Statsziler, dat heescht, deene pragmateschen Aussoen, déi de Stat a sengem alldeeglechen Handeln, awer och bei der Ausaarbechtung vu Gesetzesreglementer ze respektéieren huet.

Zu deene Statsziler gehéieren ënner anerem de Schutz vun der Ëmwelt an och de Kampf géint d'Aarbechtslosegkeet. Verschidde modern Verfassungen zielen zu deenen Ziler och d'Recht op eng anstänneg Wunneng oder d'Recht op ee Mindestakommes.

D'Unhuele vun den Artikelen 11 an 11bis ass dofir keen definitiven Ofschluss, mä eng wichteg Tëschenetapp bei der Reformulatioun vu verschidde Grondrechter, déi ëmmer erëm, esou wéi d'Situatioun evoluéiert, ugepasst musse ginn, a wou gegebenenfalls och nei Rechter mussen an d'Verfassung ageschriwwen ginn.

Wat bréngt elo déi Verfassungsrevisioun, déi mir haut wëllen ofstëmmen?

Beim Artikel 11 ginn d'Paragraphen 1, 3, 4, 5 a 6, Alinea 1 nei verfaasst. De Paragraph 2 iwwert d'Gläichheet vu Fra a Mann ass zënter dem Gesetz vum 13. Juli vun dësem Joer a Kraaft, esou dass bei där heiter Revisioun dat net méi brauch diskutéiert an zrëckbehalen ze ginn.

Et gëtt een neien Artikel 11bis an d'Verfassung ageschriwwen. Deen Artikel betrëfft de Schutz vun der Ëmwelt an den Déiereschutz.

Elo zum Artikel 11. Am Artikel 11 figuréiert net méi deen éischte Paragraph, deen haut nach an der Verfassung steet, an dee folgendermoosse libelléiert ass: «Il n'y a dans l'État aucune distinction d'ordres.» Dee Saz mécht haut kee Sënn méi, well de Prinzip vun der Gläichheet vun de Bierger esou eng Opdeelung no Ordren net méi zouléisst. Dofir huet och d'Verfassungskommissioun schonn an den 90er Jore proposéiert, dee Paragraph ze sträichen.

Deen neie Paragraph 1 an der Verfassung gesäit vir, dass de Stat déi natierlech Rechter vun der mënschlecher Persoun a vun der Famill garantéiert. Den Text vun deem Paragraph ass net nei. En ass zënter 1948 an der Verfassung ageschriwwen, mä deemools wéi haut louchen d'Schwieregkeete bei der juristescher Definitioun vun dem Ausdrock «Droits naturels». De Rapporteur vun 1948 huet scho gesot, hie kënnt keng komplett Definitioun vun deene Rechter ginn, an de Rapporteur vun haut kann dat och net.

Dofir huet de Rapporteur vun 1948 eng Rei Beispiller zitéiert, déi ech och a mengem schrëftleche Rapport erëmgeholl hunn, déi do nozeliese sinn, déi ech also hei a mengem mëndleche Rapport net méi brauch ze presentéieren.

Wann een awer dee Rescht do duerchkuckt, da kënnt ee bal zur Konklusioun, dass all déi Rechter sech ëm eng Notioun dréinen, déi mir och an der Europäescher Charta vun de Grondrechter am Artikel 1 erëmfannen: Dat ass d'Wäert vum Mënsch, déi an der Charta drasteet, an déi resuméiert eigentlech all déi Grondrechter: «La dignité humaine est inviolable.» An ech mengen, déi natierlech Rechter kënn een, ouni se an hirer ganzer Tragweite ze resuméieren, awer och mat där doter Notioun gutt erëmginn.

Well déi natierlech Rechter net kloer waren, hat d'Kommissioun virgeschloen, den Ausdrock «Droits naturels» duerch «Droits fondamentaux» ze ersetzen. De Statsrot war awer der Meenung, och dat Konzept vun den Droits fondamentaux wier net méi kloer, esou dass schlussendlech d'Kommissioun beim Text vun 1948 bliwwen ass, dee mir also och am Paragraph 1 erëm erëmfannen.

Am Paragraph 3 huet d'Verfassungskommissioun ausdrëcklech de Schutz vum Privatliewe virgesinn. De Statsrot huet dorop higewisen, dass zu dësem Grondrecht, esou wéi bei anere Grondrechter, och Aschränkungen erméiglecht wären, déi awer nëmmen duerch e formaalt Gesetz kënnte virgesi ginn.

D'Verfassungskommissioun war mat deenen Iwwerleeungen d'accord a proposéiert haut der Chamber folgenden Text: «L'État garantit la protection de la vie privée, sauf les exceptions prévues par la loi.»

An deem neie Paragraph 4 ginn déi bestehend Bestëmmunge vum Recht op Aarbecht a vun de Gewerkschaftsfräiheeten an engem Paragraph zesummegefaast. Den Text gëtt awer complétiert duerch eng Bestëmmung, déi ausdrëcklech d'Streikrecht an d'Verfassung aschreift.

Wat d'Recht op Aarbecht ugeet, huet de Statsrot dorop higewisen, dass dëst Recht fir de Stat keng Obligation de résultat kënnt sinn. Dat heescht, dass de Stat net verpflichtet kënnt ginn, alle Bierger eng Aarbecht ze garantéieren oder eng Aarbecht unzebidden. De Stat hätt nom Statsrot eng Obligation de moyen, dat heescht, d'Zil vun der Politik misst et sinn, Aarbechtsplazen ze schafen an d'Aarbechtslosegkeet ze bekämpfen. Dofir huet och de Statsrot virgeschloen, den Text, deen zënter 1948 besteet, méi kloer ze verfaassen, e Virschlag, deen och d'Verfassungskommissioun ugehall huet.

De Paragraph 5 war bis elo esou verfaasst: «La loi organise la sécurité sociale, la protection de la santé et le repos des travailleurs....» Deen Text gëtt complétiert duerch zwee wichteg sozial Pilierë vun eiser Sozialpolitik vun deene leschte Joren, dat heescht duerch de Kampf géint d'Aarmut an déi sozial Integratioun vun eise behënnernte Matbierger.

Déi sozial Beräicher kënnen, wéi d'Verfassung dat virgesäit, nëmmen duerch e Gesetz geregelt ginn. De Statsrot huet awer drop higewisen, dass d'Gesetz net alles regelen kann an net op all Detailler kann agoen. Dofir proposéiert de Statsrot, fir den Text esou ze verfaassen, dass an der Verfassung drasteet, dass d'Gesetz dat Wesentlecht virgesäit, an hie proposéiert dofir: «La loi organise quant à ses principes....» an dann zitéiert hien déi eenzel sozial Rechter. Domat war och d'Chamberskommissioun d'accord. Et ass och esou, dass domat och d'Chamber all Rechter voll behält, fir ze entscheeden, wat da wesentlech ass, wat an d'Gesetz soll stoe kommen a wat eventuell duerch e Reglement soll geregelt ginn.

Dofir proposéiert d'Kommissioun och folgenden Text: «La loi règle quant à ses principes la sécurité sociale, la protection de la santé, les droits des travailleurs, la lutte contre la pauvreté et l'intégration sociale des citoyens atteints d'un handicap.»

Deen éischte Saz vum Paragraph 6, deen elo virgesäit, dass d'Gesetz d'Fräiheet vum Commerce, vun de fräie Beruffer a vun der Aarbecht am Ackerbau regelt, deen Text

gëtt liicht ofgeännert, well et ass eigentlech net d'Gesetz, mä et ass d'Verfassung, déi déi Fräiheete garantéiert. Dofir gëtt den Text elo esou verfaasst, dass drastoe kënnt: «La liberté du commerce et de l'industrie, l'exercice de la profession libérale et du travail agricole sont garantis, sauf les restrictions à établir par la loi.» Domat bleiwen déi Rechter, wéi et bis elo war, voll a ganz erhalen, an d'Ausnahme kënnen nëmmen duerch e Gesetz virgesi ginn.

Et gëtt dann een neien Artikel 11bis geschaf. Dee betrëfft de Schutz vun der Ëmwelt an den Déiereschutz. Ech wëll net hei, well meng Zäit mir dat och net erlaabt, op all Detailler vun där neier Bestëmmung agoen, iwwert déi ganz viles ze soe wär.

Ech wëll just ervirsträichen, dass duerch dësen Text eist Land eng modern a contraingnant Dispositioun an der Verfassung kritt, déi souwuel de Schutz vun der Ëmwelt wéi och den Déiereschutz garantéiert.

Den Text inspiréiert sech un där Schwäizer Verfassung vun 1999. Den Text stellt ee Kompromëss duer tëschent engersäits dem politesche Konsensus an op där anerer Säit enger juristescher Formulatioun, déi dem Stat eng kloer ëmrassen Aufgab operleet. Ech mengen, dass d'Wäertstellung vum Ëmweltschutz doduerch an eise Land Wesentlech ka gewonnen.

Dir Dammen an Dir Hären, domat mengen ech, dass ech op eng kuerz Aart a Weis déi Ännerunge resuméiert hunn. Ech géif och heimat den Accord vu menger Partei brénge.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Meyers. Den éischten ageschriwwene Riedner ass d'Madame Flesch.

Discussion générale

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Merci, Här President. Här President, léif Kollegen, fir d'alleréischst wëll ech dem Rapporteur a President vun onser Verfassungskommissioun Merci soe fir säin exzellente Rapport. Och hei wäert ech net op déi eenzel Punkten am Detail agoen, déi hien hei scho virgedroen huet an déi nach méi ausféierlech am schrëftleche Rapport nozeliese sinn. Ech wëll och net op déi Deeler vum Artikel 11 iwwerhaapt agoen, déi mer scho gestëmmt hunn, dat ass fir mech en Acquis. Ech soen nëmmen e puer Wuert zu deene Paragraphen, déi haut zur Revisioun stinn.

De Rapporteur huet schonn drop higewisen, dass déi Diskussiounen iwwert déi Paragraphen vum Artikel 11 scho säit 1994 amgaange sinn, wéi de Georges Margue seng Proposition de révision hei an der Chamber abruecht huet. A wann d'Diskussioun esou laang gedauert huet, da war et sécherlech net dowéinst, well kee Konsens um allgemenge Plang tëschent de Fraktiounen an tëschent de Membere vun der Verfassungskommissioun bestanen hätt. Mir waren alleguerten d'accord iwwert d'Ziler, déi ze erreeche waren.

Mä d'Difficultéite louchen hei, wéi esou oft bei Verfassungsännerungen, am Detail an an der Formulatioun, an der Redaktioun also, déi gewielt ginn ass fir déi eng oder aner Ziler ze beschreiwen. An ech mengen och déi Diskussioun, déi hin- an hiergaangen ass tëschent der Verfassungskommissioun an dem Conseil d'État, huet domadder ze dinn.

Riichtduerch huet de Conseil d'État drop higewisen, dass engersäits d'Formulatioun misst kloer an däitlech sinn, dass constitutionnel Texter net dierften esou sinn, dass se nach misste vum Verfassungsgericht interpretéiert ginn, mä dass se missten a sech kloer genuch sinn, dass se alles géingen aussoe wat ze soen ass.

De Conseil d'État huet och op eppes higewisen, wat mer am Zesummenhang mat dëser Diskussioun besonnesch wichteg schéngt, dat ass de Charakter, d'Portée contraignante oder net vun deenen engen oder aneren Obligationen, déi an den Text erageschriwwen gi sinn. Dat heescht, mir sinn hei am Kontext vun enger Obligation de moyens an net vun enger Obligation de fin fir de Stat. Et sinn also Texter, déi virgesinn, dass politesche Objektivier an d'Constitution ageschriwwen ginn, notament am Domän vum Aarbechtsrecht, vum Ëmweltschutz, vum Déiereschutz, an dass mer hei am Beräich si vun deem wat an Däitschland eng „Staatszielbestimmung“ genannt gëtt. Et ass ënnert deem Verständnis, dass den Accord schlussendlech an der Verfassungskommissioun zustane komm ass.

Bei der Suppressioun vum Paragraph 1 ass et ganz kloer, dass eng Distinction vu Stänn an onser Verfassung keng Plaz méi huet. Dat ass eng obsolet Bestëmmung, déi mer nach weider mat duerchgeholl haten. Et

ass also kloer, dass mer am Numm vun der Gläichberechtigung, déi anerwäerts an der Constitioun ageschriwwen ass, konnten dee Paragraph 1 vum Artikel 11 sträichen.

Den neie Paragraph 1 ass d'Garantie vun den «Droits naturels de la personne humaine et de la famille»; de Rapporteur ass schonn drop agaangen. Ech mengen, d'Diskussioun bei där Dispositioun huet gewisen, wéi d'Schwieregkeete gelagert waren, dass et wierklech eng Schwierigkeet vun der Formulatioun war an net vum Zil, vun deem wat ze erreeche war.

Beim neie Paragraph 3 ass et ganz kloer, dass de Stat d'Obligatioun huet d'Protection de la vie privée ze garantéieren, mä dass d'Gesetz kann oder muss kënnen Exceptionne fixéieren. Hei hu mer och eng laang Diskussioun gehat, mä ech mengen et ass eng wichteg Dispositioun, och wann et esou ass wéi de Conseil d'État et seet: Déi Garantie kann net absolut sinn an et musse kënnen Exceptionen iwwert de Wee vum Gesetz virgesi ginn.

De Paragraph 4, hei si mer voll an der Staatszielbestimmung. Do geet et ëm d'Aarbechtsrecht, an et ass ganz kloer, dass dat eng Obligation de moyens ass, mä net kann eng Obligation de fin sinn.

Datselwecht gëllt fir d'Sécurité sociale, wou d'Kommissioun d'Restriktioun, déi de Conseil d'État gewënscht huet, mat iwwerholl huet. Dat heescht, dass mer elo soen: «La loi règle quant à ses principes la sécurité sociale.»

Beim Paragraph 6 «liberté du commerce et de l'industrie», ech mengen et bleift deem wat de Rapporteur gesot huet näischt bäizefügen.

Beim Artikel 11bis vläicht zwou Bemierkungen. Dat Eischt, dat war, dass et ons geschéngt huet, dass déi Dispositioun besser Géigestand wär vun engem eegenen Artikel an net mat deenen anere Paragraphen an den Artikel 11 eragehéiert huet. Zweetens, dass mer och do laang Diskussiounen iwwer Formulatiounen haten an dass mer ons dann definitiv op en Text géeenegt hunn, deen e Kompromëss ass an dee sech largement inspiréiert um Text vun der Schwäizer Verfassung, eng Verfassung, déi expressément ähnlech Ziler ageschriwwen huet an déi och eng zent Verfassung ass, well se op 1999 zrëckgeet.

Ech mengen, Här President, mat de Modifikatiounen zu onser Verfassung, déi haut hei proposéiert ginn, hu mer e grouse Schrëtt am Intérêt vun der Modernisatioun vun onser Verfassung gemaach, wéinstens an dëse prezise Beräicher. Mir sinn domadder nach net um Enn vun deem, wat mer ons musse virhuelen. Et ginn aner Bestëmmungen an onser Verfassung, déi och musse moderniséiert ginn, a mir wäerten nach d'Geleeënheet hunn an de kommende Wochen, Méint a Joren op déi Punkten zrëckzekommen.

Dat bréngt mech dozou ze soen, dass et engersäits schued ass, dass mer musse «par bribes et par morceaux» virgoen. Et wär sécher intellektuell méi befriedgend, wann ee kéint eng Gesamtreform a -modernisatioun vun onser Verfassung duerchezéien, mä mir wëssen och wéi schwierig et ass zu engem Konsensus ze kommen. Mir fueren also op deem Wee weider wou mer ugetruede sinn, mä et bleift net aus, dass mer nach wäerten aner Artikelen an onser Verfassung revidéieren. Ech mengen, mir missten ons och an der Kommissioun an duerno hei am Plenum iwwer e Réagencement vun den Artikelen vun der Verfassung Gedanken maachen.

Ceci dit, Här President, wëll ech awer zu deene Punkten, déi haut hei zur Diskussioun stinn, den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Roger Negri (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur Paul-Henri Meyers Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Mir ënnerstëtze selbstverständlech d'Modifikatiounen vum Artikel 11 vun der Verfassung. Ech wëll just op deen neien Artikel 11bis kuerz agoen.

Et ass eng laangjäreg Forderung vun der LSAP, fir de Schutz vun der Ëmwelt an d'Verfassung anzuschreiwen. Den Naturschutz kënnt elo an d'Verfassung stoen an dëst ass e ganz positive Schrëtt fir eis modern Gesellschaft. Dobäi ass et fir eis wichtig, dass den Naturschutz an engem nohaltege Gläichgewicht gehale gëtt, am Sënn vun de Besoinë vun den heitege Genera-

tiounen, mä och ass et wichtig fir déi komend Generationen, déi gradesou wéi mir e Recht op eng erhalenswäert Ëmwelt hunn.

D'Erhale vun der Natur muss duerch hir Capacitéit zur Erneuerung garantéiert ginn. Mir haten an der Kommissioun eng Diskussioun, ob mer dëst Wuert Renouvellement nenne sollen oder Régénération. Wéi schreiwe mer dat am beschten an d'Verfassung an? Régénération bedeit fir eis, dass der Natur Zäit gelooss gëtt, sech ze regeneréieren, ouni ze vill Agrëffer virzehuelen. Et gëtt awer Situatiounen, notament bei grësseren Aarbechten, wou et eis awer wichtig ass, dass d'Natur esou séier wéi méiglech erëm hir Fonctioun am Sënn vun der Nohaltegkeet erfëlle kann.

Als Fallbeispill wëll ech d'Kompensationsmoossnamen nennen, fir d'Natur op anere Standuerter ze valoriséieren, bedéngt zum Beispill duerch Infrastrukturprojeten. Op dës Aart géif dann am positive Sënn d'Natur a kuerzen Zäitofleef erneiert ginn. Dofir si mer der Meenung, dass dat Wuert Renouvellement méi sënnvoll ass, ouni awer doraus en État d'âme ze maachen. Wichtig ass fir eis, dass den Naturschutz an d'Verfassung stoe kënnt, an dat no nohaltege Kritären.

Här President, de Schutz vun den Déieren an hiert aartgerecht Halen ass och eng Forderung aus eisem Wahlprogramm. Dofir si mer frou, dass mer och dëst haut an d'Verfassung aschreiwe kënnen.

Domat géif ech den Accord gi vun eiser Fraktioun zu dëser Proposition de loi, a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. D'Verfassungsmodifikatiounen si jo eng Matière, déi sollen am Konsens stattfannen tëschent de politesche Kräften an der Chamber, an déi och net sollen iwwert de Knéi gebrach sinn. Bei dësem prezise Fall vun den Debatten iwwert den Artikel 11, menge mer, kënne mer behaupten, dass eis béides gelungen ass. Eischstens hu mer ziewiele Joer gebraucht fir duerch den Artikel 11 derduerch ze kommen, an zweetens, wann ee kuckt wat am Artikel 11 alles esou drasteet, dann ass och praktesch fir all Fraktioun eppes derbäi.

Mir hu laang iwwert den Artikel vun den Droits fondamentaux geschwat an trotzdeem ass de Besuch op d'Famill drabliwwen, wat d'Kollegee vun der CSV dierft freeën. Et ass op där anerer Säit d'Streikrecht elo prezis ageschriwwen ginn, wat d'Kollegee vun der sozialistescher Fraktioun dierft freeën. D'DP wäert sech freeën iwwert d'Reformuléierung vum Artikel iwwert d'Liberté de commerce, an déi Gréng freeë sech selbstverständlech iwwert d'Aschreiwe vum Naturschutz an och vum Déiereschutz an eis Verfassung.

De Rhythmus vun de Verfassungsännerungen ass an de leschte Joren däitlech eropgaangen. An d'Fro ass och scho virdrun opgeworf gi vun deem neien Agencement global vun eiser Verfassung, eng Iddi, där ee vill Positives kann ofgewannen. Mä am Alldag mierkt een awer, dass mer eis ëmmer nees nëmmen iwwert d'Marche Artikel fir Artikel un deen Agencement global bis elo konnten eruntaachten, quitte dass een e bëssen d'Gefill huet, dass ee vläicht awer esou lues zu deem Moment kéint kommen, wou een deen e bësse méi grouse Worf awer eng Kéier als separate Punkt misst diskutéieren, well dach eng ganz Rei, ech wëll net soen Ongereimtheeten an der Verfassung dra sinn, mä eng ganz Rei Agencementsfroen, déi sécher net zefridde stellend geleist sinn.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

Et stellt een och fest, dass d'Verfassungsgeriicht, wat virun e puer Joer geschäfe ginn ass, eng ganz prezis Lecture mécht vun der Verfassung an eng Interpretatioun vun den Texter mécht, déi ganz no beim Buschtaf ass. Och dat war eng vun den Erausforderungen, wou iwwert déi nei Formulatiounen geschwat ginn ass, notament wat d'Aschreiwe vum Ëmweltschutz a vum Déiereschutz an d'Verfassung betrëfft.

Well et jo net nëmmen drëms gaang ass, e politesche Konsens op där Fro ze hunn, mä et ass och drëms gaangen, déi Texter esou prezis ausformuléieren, dass se dann och kënnen ugewannt ginn esou wéi se gemengt waren, an dass och tatsächlech aus deem politesche Konsens e Recht kann entstoen. Well d'Verfassung soll jo eigentlech nëmmen Dispositiounen dran hunn, déi dann och tatsächlech Rechter beschreiwen,

an net just Prinzipie beschreiwen, déi am Alldag vum Handele keng grouss Bedeitung hätten.

Fir eis Gréng ass natierlech ganz wichtig, dass mer den Ëmweltschutz an d'Verfassung haut aschreiwen. A genauso wichtig ass et och, dass mer den Déiereschutz an d'Verfassung aschreiwen. Och dee geet zrëck op eng Initiativ vun der grénger Deputéierte Renée Wagener, déi eng Proposition de révision proposéiert hat am Joer 2002. Opgrond vun där Initiativ si mer dann och haut zu enger Konklusioun komm.

Et gëtt och de Mëtteg oft ënnerstrach, dass béid Formulatiounen als e Statszil formuléiert sinn. An et gëtt aschränkend erkläert, dat wär dann - soen ech emol, entre guillemets - nëmmen eng «Obligation de moyens». Et wär also keng Obligation de résultats, keng Obligation de fin, déi an deene Formulatiounen dra géing stiechen. Dat ass och richtig.

Allerdéngs wëlle mir awer ënnersträichen, dass och eng Obligation de moyens eng Obligation ass. Et ass net esou wéi wa mer elo de Choix hätten tëschent der Obligation de moyens, dat wär net ganz vill, an op där anerer Säit hätte mer d'Obligation de résultats, an dat wär eis elo erspuert bliwwen an där doter Matière, esou wéi wann een de Leit misst soen: Den Ëmweltschutz kënnt zwar elo an d'Verfassung, mä Dir braucht net ze fäerten, et ass nëmmen eng Obligation de moyens.

Dat ass net de Fall! A mir als gréng Fraktioun hoffen, dass dat an den nächste Joren och wäert gewise ginn. Och eng Obligation de moyens ass eng Obligation! A wann de Stat sech haut als Zil hei gëtt, sech am Ëmweltschutz eng Obligation de moyens opzeleeën, da wäert och déi Obligation de moyens kënnen ageklot ginn. Wéi an der Medezin: Och do gëtt et eng Obligation de moyens. An et wäert jo mat Sécherheet keen heibanne behaupten, dass dat näischt wier. Am Géigendeel, dat ass alles! Dat ass alles an der Medezin.

Genaousou wäert et och an Zukunft am Ëmweltschutzberäich sinn. Déi Obligation de moyens, dat ass net näischt. Dat ass e riseg Fortschritt. Fir eis als gréng Fraktioun ass dat wierklech e ganz speziellen Dag, wa mer haut kënne soen: Vun haut u gëtt de Stat a sengem eegenen Handeln dorunner gemooss, ob en all d'Moyenen - well d'Obligation de moyens heescht dat - ëmsetzt, déi en a senger Dispositioun huet, fir deem Zil vun der Durabilitéit a vum Ëmweltschutz kënne méi no ze kommen.

Datselwecht gëllt och fir den Déiereschutz. Och dat ass eng Formulatioun, déi e Konsens duerstellt. Et hätt ee sech bestëmmt kënne méi wäitgehend Formulatiounen virstellen. Mä wéi gesot, et ass schlussendlech drëms gaangen, e Konsens ze fannen. An och wann dee Konsens vläicht net dee formidabelsten ass, esou beinhalt och dee Konsens awer vun haut u fir de Stat eng Obligation am Alldag an net nëmmen an de Prinzipien. Och wann dat keng Obligation de résultats ass, et ass wuel eng Obligation de moyens.

Mir hunn och als Gréng zwou Saachen, déi eis e bësse manner zefridde stellen. Mir bedauern, dass et zum Schluss vun där Diskussioun iwwert deen Artikel 11, wat den Ëmweltschutz betrëfft, nach zu enger Inflexioun vum Text komm ass. Mir hate virun enger Weilche schonn e Konsens, eng Eestëmmegkeet fonnt an der Kommissioun, fir den Artikel 11 mam Wuert Régénération ze versinn. E Wuert, dat fir eis als gréng Fraktioun eng qualitativ Note huet, déi e Stéck méi wäit geet wéi dat Wuert, wat mer aus anere Verfassungen kennen, vum rege Renouvellement.

Mir bedauern, dass dat opgrond vun enger Interventioun vum Statsrot, dee sech eigentlech averstane gewisen hat mam Text Régénération, awer nach eng Kéier an der Kommissioun gekippt ginn ass, an duerch e majoritäre Vote vun der CSV mat der DP a mam ADR déi Formule vum Renouvellement zrëckbehalen ginn ass. D'Kollegee vun der LSAP hate sech enthalen, wat mer bedauern, esou dass mir schlussendlech eleng waren, fir deen Term vun der Régénération nach ze verdeedegen, dee wierklech eng qualitativ Differenz schonn huet an deen an eisen Aen nach e Stéck méi wäit gaange wär.

Gutt, dat ass elo geschitt. Den Text ass an där Form leider net méi zrëckbehalen ginn. Haut hu mer awer en Text, mat deem mer eis och kënnen averstanen erklären, well en eigentlech déi wesentlech Notiounen am Ëmweltschutz dranhuet wéi d'Nohaltegkeet, d'Besoin vum haut an d'Besoin vu muer. An dat sinn eigentlech déi Elementer, déi et hoffentlech wäerten erlaben, dass d'Statshandelen an Zukunft wäert kënne gemooss ginn, och, wann et misst sinn, virum Verfassungsgeriicht.

Dat gesot, soll een awer och nach op eppes Weideres hiweisen: Och wann déi Dispositiounen elo an der Verfassung stinn, dann ass et e bësse wéi bei der Debatt, déi mer haten am Kader vum Referendum iwwert den Traité vun enger europäescher Constitioun. D'Prinzipien am Text ass dat eent, d'politescht Handelen am Alldag ass awer nach ëmmer ofhängeg vu politesche Majoritéiten.

An och wa mer haut den Ëmweltschutz an den Déiereschutz an d'Verfassung vu Lëtzebuerg aschreiwen, esou wäert et awer nach esou sinn, dass dat Wesentlecht vun deenen Avancéëen, déi mer an den nächste Jore wäerten am Beräich vum Ëmweltschutz maachen, oder och vum Déiereschutz, dovunner wäert ofhänken, wéi eng politesch Majoritéiten hei am Parlament sëtzen.

Och dat ass oft genuch widerholl ginn an ënnerstrach ginn am Kader vum europäeschen Traité. Et ass alles probéiert ginn ze fixéieren un deem Buschtaf vum Text, deen an deem Traité drastoung. Och hei solle mer déi Feeler net maachen. Och hei wäert et dovun ofhänken, wéi d'Leit sech bei deenen nächste Wahlen prononcéieren, wéi eng Parteien an der Regierung wäerte sinn. Mir hoffe selbstverständlech, dass déi Gréng dat opgrond vun dëser gestärkter Positioun aus an Zukunft och wäerte kënne matgestalten.

Mä dat soll ee wierklech och ënnersträichen: D'Verfassung ass dat eent, de politeschen Alldag ass eng Saach vu politesche Majoritéiten, déi schwanken. Ëmweltschutz ass net gläich Ëmweltschutz. Et hängt dovun of, wien d'Majoritéit a wien d'gestalteresch Kraaft opgrond vu Wahlresultater huet. An dat wäert och mat der Aschreiwung vun dësen Dispositiounen an der Verfassung net änneren. Och dat war esou, an och dat wäert vun elo un awer dobäi bleiwen.

Dat gesot, Här President, wëll ech dann och nach eng Kéier eis Satisfaktioun doriwwer ausdrécken, dass de besonnesche Schutz vun de Leit mat Handicap och elo Anzuch an eis Verfassung fonnt huet. Och dat ass e wichtegt Element, och wa mer doriwwer scho bestëmmt Gesetzgebungen haten. Och dat bréngt där doten Diskussioun eng nei Wierdegung. Et bréngt där doten Diskussioun eng nei Grondlag. A mir hoffen och an Zukunft, dass dës Artikelen wäerten hire ganze Rôle kënne spillen.

Mat dëse Remarquë bréngt déi gréng Fraktioun hir Zoustëmmung zu dëser Verfassungsännerung.

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den Här Henckes hutt d'Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, ech wëll fir d'ëischt dem Rapporteur Merci soen, well e ganz detailléiert a sengem mëndlechen, mä nach méi a sengem schrëftleche Bericht déi Verfassungsännerungen, déi mir haut diskutéieren, virgestallt huet. An en huet mat Recht ervirgestrach, dass dat, wat mir haut décidéiere sollen duerch onse Vote, mat sech zitt, dass ons Verfassung méi modern gëtt an dass se an Zukunft op ganz wesentleche Punkte modern a contraignant Dispositiounen beinhalt.

Ech wëll drop hiweisen, perséinlech an och am Numm vu menger Fraktioun, dass ech ganz frou sinn, dass den Déiereschutz elo endlech an der Verfassung säin Antrëtt fënn, dass deen do mentionnéiert gëtt. Ech hat eng Proposition de loi an deem Sënn déposéiert, an dofir ass dat hei eng grouss Satisfaktioun, dass mir dat elo haut kënne festhalen.

Aner Dispositiounen, déi och wichtig sinn, dat sinn de Schutz vun der Ëmwelt, d'Streikrecht an och de Fait, dass mir déi éischte Kéier an onser Verfassung vun den Handicapéierte schwätzen. All déi Dispositiounen, déi mir elo virgesinn, hu keng Obligation de résultat, dat heescht, dass net muss e Resultat an absolute Wäerter erreecht ginn, mä dass d'Politik, wa se e Gesetz stëmmt, wat deen Domän betrëfft, sech ëmmer muss deen Ablack an déi richteg Ziler erënneren, an dass all Dispositioun, déi net konform ass zu deem, wat an der Verfassung steet, deen Ablack sanktionéiert ka gi virum Verfassungsgeriicht.

Et muss ee soen, datt an der Vergaangenheet an och a rezenter Zäit, zënter datt onst Verfassungsgericht besteet, d'Zuel vun de Recours zouhëlt, datt d'Bierger déi ganzen Zäit kucken, an ëmmer méi kucken, ob verschidde gesetzlech Dispositiounen am Aklang si mat onser Verfassung. Ganz oft gesäit een och, datt déi Décisiounen a ganz ville Fäll dorop hinzilen, fir ze soen: Dës Dispositioun ass falsch, do muss d'Gesetz geännert ginn. Mir hunn dat heite jo och scho wiederholt gemaach. Esou datt een also hei ka soen, datt mir mat neien Ziler, déi mir ons ginn, ons och nei Obligatioune gi fir ons Gesetzgebung, déi mer ausschaffen. Dat alles ass am Intérêt vun onse Bierger, mä och fir d'éischte Kéier am Intérêt vun den Déieren iwwert de Wee vum Déiereschutz.

Mir haten eng länger Debatt iwwert déi zwee Termen, ob ee bei der Ëmwelt iwwer Régénératioun oder Renouvellement soll schwätzen. Dat ass, géing ech soen, oft eng philosophesch Debatt, well déi zwee Termë sech ganz vill gläichen. D'Régénératioun stellt méi eng Obligatioun duer, wéi wann dat méi global wär, an de Renouvellement manner. Doriwwer scheede sech natierlech d'Geeschter, a wann een an den eenzelne Laroussë kuckt, da gesäit een, datt déi Differenz awer minimal ass, wat d'Effeten oder d'Differenzen ugeet.

Mir hunn ons elo zu engem Konsens duerchgerongen. An et ass dat, wat ech wëll begréissen. Mir si bereet, am Konsens dës Modifikatiounen un onser Verfassung ze droen, an dofir wäert d'ADR och dësen Text stëmmen.

» M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den Här Jaerling huet als leschte Riedner d'Wuert.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Bon, Här President, ech hunn am Fong zwou, dräi Versteesdemech-Froe mat deenen Texter hei.

Am Artikel 3, do steet: «L'État garantit la protection de la vie privée, sauf les exceptions fixées par la loi.» Am Artikel 6, do steet: «La liberté du commerce (...) sont garantis, sauf les restrictions à établir par la loi.» Dat verstinn ech net.

Ass dat dann elo esou, datt, nodeem den Här Gesondheetsminister verbueden huet an de Restauranten ze fëmmen, hien dann och elo nach verbidde kann do ze iessen, well e fäert d'Leit géingen ze déck ginn, oder wéi ass dat?

Ech mengen, hei steet: «restriction à établir par la loi». Dat ass also eppes, wat no deenen Texter hei nach muss gemaach ginn. Dat heescht also, d'Liberté de commerce, d'Handelsfräiheet gétt am Fong zum Deel hei a Fro gestallt, esou wéi ech deen Text hei elo verstinn.

Dann hunn ech nach en anere Problem, dat ass, a praktesch sämtlechen Artikelen, do steet: «La constitution garantit...». Mä bei der Protection des animaux, do steet: «promeut la protection des animaux». Dat heescht „fördert“. Ma dat heescht am Fong guer näischt! Wann een do schreift „fördert d'Protektioun vun den Déieren“, dann heescht dat am Fong guer näischt. Dat ka vill sinn, dat kann näischt sinn, an dat ass einfach.

Firwat steet net och do «garantit la protection des animaux», wéi bei all aneren Texter, déi hei an der Verfassung drastinn?

» Une voix.- A wat mécht een da mat de Mécken?

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Ma, Dir kënnt jo drop schéissen.

(Hilarité)

Dann hu se zumindest eng lwwerliewens-chance, gell!

Mir kënnen natierlech och Méckebaatschen huele mat engem Lach an der Mëtt, an da schreift Der drop: «Give the fly a chance!» Dat kënnt Der och maachen.

Bon, da gesinn ech awer e groussen Ënnerscheid, wou den Här Henckes kee gesäit. Den Här Henckes seet, tëschent Renouvellement a Régénération wär keen esou e groussen Ënnerscheid. Ech gesinn awer do e groussen Ënnerscheid, an ech sinn

awer duerfir frou, datt de Begrëff Régénératioun geholl ginn ass, well dat awer méi bedeutungsvoll ass an och garantéiert, datt dat, wat futtigemaach gétt, wierklech och soll sënnvoll régénéréiert ginn. Renouvellement, dat ass iergendwéi esou eppes, wat vill méi vag ass, an dat anert ass vill méi kloer.

Bon, déi Bedenken hei ervirbruecht, hoffen ech, datt ech dann elo eng Erklärung kréien, an da kann ech awer och dat hei mat rougem Gewësse stëmmen.

» M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Mir sinn elo um Enn vun der Debatt ukomm a kommen elo zum éischte Vote constitutionnel iwwert d'Proposition de loi 3923C. Den Text steet am zoustännegen Dokument. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

Premier vote constitutionnel

D'Proposition de loi 3923C ass ugehall mat 47 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, M. Marcel Glesener, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Sarter, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, et Lucien Weiler;

M. John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agno, M. Fernand Diederich, Mme Lydia Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Alexandre Krieps et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Mir kommen dann, léif Kolleeginnen a Kollegen, zu dem leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass de Projet iwwert d'Ëmbaue vun de Vestiairen op den Héichiewe vu Belval. Et hu sech ageschriwwen: den Här Meisch, déi Damme Mutsch a Loschetter, den Här Mehlen an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

4. 5581 - Projet de loi relatif à la transformation des anciens vestiaires des hauts fourneaux pour les besoins d'un incubateur d'entreprises à Belval-Ouest

Rapport de la Commission des Travaux publics

» M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut zu e bësse méi fortgeschrittener Stonn awer elo schonn de Projet de loi 5581 relatif à la transformation des anciens vestiaires des hauts fourneaux pour les besoins d'un incubateur d'entreprises à Belval. E Projet, deen d'Beméiunge vun der Regierung ënnersträicht, fir den Développement an d'Diversifikatioun vun eiser Ekonomik weider no vir ze bréngen an d'Kreatioun vun neien innovativen, sogenannte Start-up-Entreprisë mat grousser technescher Vokatioun ze förderen.

De virleiende Projet gesäit vir, fir déi al Vestiairë vun den Héichiewe vun Esch-Belval ze transforméieren, an zwar an en Incubateur d'entreprises oder anescht ausgedréckt eng Pépinière d'entreprises.

Déi éischt Fro, déi sech elo stellt: Wat ass esou en Incubateur oder eng Pépinière d'entreprises? Wat heescht dat eigentlech op Lëtzebuergesch? Ech hunn op e puer Plazen nogekuckt. D'lëtzebuergesch Sprooch gesäit keng lwwersetzung vun dësem Wuert vir. Eis däitsch Noperen iwwersetzen allerdings mat Brutkasten. Ech wäert am weidere Verlaf vu mengen Ausféierungen, einfach wéi och am Projet de loi steet, vun dem Incubateur schwätzen.

D'Europäesch Kommissioun definéiert esou en Incubateur d'entreprises als eng Plaz, oder besser gesot e Gebai, an deem jee no Gréisst méi oder manner vill frësch ge-

grënnte Gesellschaften fir eng bestëmmten Zäit en Ënnerdaach hunn. D'Zil dovun ass, fir dëse jonken Entreprisë besser Start-up-Chancen ze ginn, fir méi einfach ze iwwerliewen a méi einfach wuessen ze kënnen. Fir hiren Erausfuerderunge gerecht ze ginn, kënnen dës Entreprises nieft deene Raimlechkeeten, déi hinnen zur Verfügung stinn, op gemeinsam Strukturen an Installatiounen, wéi zum Beispill e Fax, Computeren a Computerréseauen, zrëckgräifen. Si ginn awer och an hirer Gestiou mat weidere Servicer ënnerstëtzt.

Den Incubateur zu Belval soll nom Modell vun ähnlechen, schonns bestehende Struktur funktionéieren. Eng Schlësselroll kënnt heibäi Luxinnovation zou, der nationaler Agence fir d'Promotioun vun der Innovatioun an der Recherche. Luxinnovation huet d'Aufgab fir d'Auteurs vun neie Projeten a Start-up-Entreprises am Laf vun hirer Entstehungsphas, hirem Opbau an hiren éischte Schrëtt an der Wirtschaft ze assistéieren an och ze beroden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Projet behandelt awer just de Volet Bâtiment. Et sinn also just d'Raimlechkeete vum Incubateur d'entreprises, déi hei behandelt ginn. Alles wat de Fonctionnement an d'Organisatioun ubelaangt, fällt net ënnert d'Kompetenze vum Bauteministère, ergo och net ënnert d'Kompetenz vun der Bautekommissioun. Dofir ass herno de Ministère de l'Économie zoustänneg.

Et geet also just ëm den Ëmbau vum ale Gebai vun de Vestiairen, dat op der Terrass vun den Héichiewen direkt nieft dem Héichewe B läit an an Zukunft also en Ënnerdaach fir verschidden Entreprisë gi soll.

Duerch d'Ëmsetzung vum Projet Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation fanne sech um Site Belval vill Akteure vun der Recherche publique erëm: de Centre de Recherche Public Gabriel Lippmann, de Centre de Recherche Public Henri Tudor souwéi de Centre de Recherche Publique Santé. Eng vun de Missiounen vun all dëse Centres de recherche ass, d'Entstoe vun neien industriellen Aktivitéiten ze förderen. D'CRPe sinn och immens interesséiert drun, fir bei dësem Projet matzeschaffen, well doduerch de Site Belval nach méi zum Austausch vun neien Iddien an Technologie kënnt.

Erlaabt mer, datt ech kuerz op déi bautechnesch Aspekter vum Projet aginn.

De Fonds Belval hat en Architektoconcours ausgeschriwwen an d'Iddi, déi sech duerchgesat huet, huet sech vun deenen aneren Entwërf souwuel vum funktionelle wéi och vum architektonesche Konzept ënnerscheet an ofgesat.

Deen neien Incubateur bitt engersäits e Service d'hébergement un, andeems de jonken Entreprisë Raimlechkeete wéi Büroen oder Atelieren zu engem moderate Loyer zur Verfügung gestallt ginn. D'Surfacen, déi hei méiglech sinn an déi och schonns gefrot goufen, leien tëscht 50 m² an 250 m².

Dat soll awer keen definitive Standuert fir dës Betriber sinn. Klappt de Start an déi kommerziell Welt, kréien dës Betriber, souwäit se dat wënschen, een definitive Standuert um Crassier Éilereng ugebueden. Anerersäits ginn d'Entreprises awer och begelle beim Ausschaffen an Evaluéiere vun hire Geschäftsiddeen an neie Konzepten, dem Opstelle vun engem Wirtschaftsplan an hiren éischte Schrëtt an der Startphas. D'Porteure vun de Projekte sollen awer och Formatioun ugebuede kréien an och éischt Kontakter mat Partner aus de Beräicher Industrie, Gestiou, Finanzen a Wëssenschaft verméttelt kréien.

De funktionellen Deel gesäit och gemeinsam Raimlechkeeten, wéi zum Beispill d'Cafeteria, Sëtzungssäll, Sanitäranlagen, etc. vir. Des Weideren ass och eng gemeinsam Gestiou an de Beräicher Réception, Büro vum Sekretariat, Büro vun der Direktioun, Archiver an esou weider geplangt.

Den Deel Architektur verbënnt al an nei Strukturen vu de Raimlechkeeten. Engersäits gétt doduerch dem Gebai, wat um Inventaire vu Sites et Monuments steet, déi äusserlech Erscheinung erhalen. Anerersäits gétt bannendran alles op eng modern Aart a Weis funktionell a praktesch transforméiert, fir den neien Entrepenen en optimale Kader ze schafen, fir datt se sech doran dann entwéckele kënnen.

Dee ganze Projet kascht, fir dat wat de Volet vun den öffentleche Bauten ugeet, 12.990.000 Euro, Valeur Index vum 1.10.2005 vu 618,55 Punkten. Haut sinn dat awer schonn, bei engem Indexstand vu 625,70 Punkten, 13.140.000 Euro.

Dës Ausgabe ginn zu Laaschte vun de Kreditter, déi dem Fonds Belval zur Verfügung stinn, a Conformitéit mam Gesetz vum 25. Juli 2002; e Gesetz dat dësen Etablissem-

ment geschafen huet, fir d'Ëmsetzung vun den Equipementen vum Stat um Site Belval ze tätigen. De Remboursement vun de Gelder fänkt un, soubal d'Gebai fäerdeg gestallt ass.

Den Entretien vum Gebai selwer gétt vun der Administration des Bâtiments publics garantéiert.

Ee Wuert nach zum Akafspräis vum Terrain a vum Gebai selwer. Eng Fro, déi an der Bautekommissioun gestallt gouf, awer net direkt konnt beäntwert ginn. Ech krut awer elo déi néideg Informatioun vum Ministère des Finances nogeliwwert a se gesinn dann esou aus:

Dat Ganzt gouf beim Gesetzprojet 5152, wou de Kolleeg Norbert Hupert Rapporteur war, hei an der Chamber diskutéiert. Den Akafspräis vun deene 27 Hektar inklusiv d'Gebléishal, d'Héichuewen, d'Vestiairen an d'Möllerei beleeft sech op 84,5 Milliounen Euro. Fir déi véier Gebaier steet eng Valeur négociée vu 4.957.870 Euro un. Rechent een dat elo ëm, kënnt ee bei dësem Projet op ronn eng Millioun Euro fir den Terrain an op 1.203.000 Euro fir d'Gebai.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir waren eis an der Bautekommissioun, nodeems mir all Explicatiounen, déi mir gebraucht hunn, kruten, relativ séier eens iwwert d'Noutwendegkeet vun dësem Projet. Och de Statsrot war mat de Prinzipien averstanen, hat ausser e puer redaktionelle Bemierkungen näischt ze beanstanden, esou datt ech d'Chamber bidden, de Projet an där virleiender Versioun ze stëmmen.

Dat gesot soen ech lech Merci fir d'No-lauschteren a selbstverständlech, wéi kéint et och anescht sinn, bréngen ech den Accord vun der CSV-Fraktioun.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Clement. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Henri Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» M. Henri Grethen (DP).- Merci, Här President. Fir d'eischt wollt ech dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport, an deem hien och nach eng Rei Preziosiounen bruecht huet, déi mer an der Kommissioun gefrot haten, déi eis dee Moment awer net konnte geliwwert ginn.

Selbstverständlech wäert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei hiren Accord zu dësem Projet bréngen, desto méi well et e Projet ass, dee vun der viregter Regierung initiéiert gi war a well, och wann dat net de Fall wier, mer de Sënn, den Zweck, den Intérêt vun dësem Projet total agesinn.

Et kann ee sech natierlech Fro stellen: Firwat op där Plaz? Firwat dat do Gebai?

Här President, dat Gebai, déi Vestiairë sinn an de 60er Jore gebaut ginn. Ech woen ze behapten - les goûts et les couleurs ne se discutent pas! - a mengem perséinlechen Numm, dass se null architektonesche Wäert hunn. Mir ginn awer elo dohinner a mer transforméieren dat Gebai relativ deier. E Gebai, wat eng ganz spezifesch Struktur huet, wou d'Atelieren op den ieweschte Stack kommen, well se ëmmer do waren. D'Struktur vum Gebai erlaabt dat. An dann d'Bürogebailechkeeten am Rez-de-chaussée an um éischte Stack. Jee, dat ass eng Form, déi herno, wa muss doranner geschafft ginn, net onbedéngt déi produktivst ass. Mais les choses étant ce qu'elles sont, ass deen do Wee gewielt ginn.

En huet zur Konsequenz, dass de Projet méi deier gétt, wéi wann een op engem Terrain, wou näischt géif stoen, déiselwecht Infrastruktur géif opriichten.

Et ass awer eng Décisioun, déi nun eemol geholl ginn ass, an am Schiet vun den Héichiewen ass eis näischt ze deier, an no deem Prinzip schéngt dëse Projet och um architektonesche Plang ausgeschafft ginn ze sinn.

A wann dann, Här President, dee Projet realiséiert ass, wann e steet, da géif ech mer wënschen, Här President, dass et net zu enger ongesonder Konkurrenz zwëschent deenen eenzelnen Akteure kënnt. Den Här Bauteminister, deen d'Regierung hei vertritt, ass duerfir net zoustänneg, mä ech géif mer wënschen, dass de Minister, deen zoustänneg ass fir d'Héichschoulwiesen, an de Wirtschaftsminister géifen klären, wien dann an deem Projet herno de Lead hätt, net dass et erëm zu engem Klengkrich kënnt zwëschent Leit déi wëlle beweisen, wéi méi dichteg ass wéi deen aneren.

» Une voix.- Très bien!

» M. Henri Grethen (DP).- Well hei geet et ëm eng wichteg Infrastruktur. Hei